



Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°5539 vun den honorabelen Deputéierte Claude Lamberty a Max Hahn zum Sujet « Groupe de support psychologique (GSP) »

Fir d'Äntwerten an de richtege Kontext ze setzen, ass et wichteg, fir déi genee Missioun vum «Groupe de support psychologique (GSP)» aus dem Règlement opérationnel vum CGDIS ze rappeléieren: « Le groupe de support psychologique (GSP) a pour mission d'intervenir lors d'accidents, d'incidents ou de catastrophes ou en toute autre situation nécessitant une prise en charge psychologique du personnel d'intervention ou des personnes directement ou indirectement touchées par ces événements. ».

De GSP ass e Spezialgrupp vum CGDIS, deen déi éischt an urgent psychologesch Prise en charge vu Leit an Nout, souwéi MataarbechterInne vum CGDIS selwer sécherstellt. Seng Aufgab ass et, de Betraffenen am direkten Zesammenhang mat belaaschtende Situatiounen zur Säit ze stoen an, wann néideg, dono un aner professionell Servicer fir de weidere Suivi ze verweisen. De GSP ass keen Ersatz fir aner Servicer, déi déi laangfristeg professionell Betreuung oder Therapie vu Betraffenen assuréieren oder d'Prise en charge vu Betraffenen a spezielle Situatiounen iwwerhuele kënnen. Déi fräiwëlleg Membere vum GSP sinn deemno och nëmmen an der psychologescher Noutbetreuung ausgebild an net an der therapeutischer oder diagnostescher Prise en charge vu Patienten.

De GSP zielt op den 1. Januar dëst Joer 87 fräiwëlleg Memberen. Aktuell leeft beim CGDIS och de Recrutement fir en haaptberufflechen Psycholog, deen och de GSP bei senge Missiounen ënnerstëtzen soll, fir dëse wichtige Beräich nohalteg am CGDIS ze stäerken an déi fräiwëlleg Membere vum GSP bei hirer Aarbecht zukünfteg ënnert d'Äerm ze gräifen.

An de leschte 5 Joer war de GSP 1.153mol am Asaz. An der Moyenne dauert en Asaz vum GSP ronn 4 Stonnen. De GSP war och bei den Iwwerschwemmungen am Juli 2021 am Asaz.

De GSP gëtt a priori net agesat, fir d'Police an hirer Aarbecht bei de Covid-Manifestatiounen z'ënnerstëtzen, well dëst keng Missioun vum GSP ass. Doriwwer eraus gouf et bis elo och nach keng Demande vun der Police. D'Covid-Kris huet d'Demande fir Hëllef duerch de GSP net verstärkt, och wann dësen am Ufank vun der Pandemie op der staatlecher Hotline ausgehollef huet.

De GSP ass en Noutservice, dee just vum 112 alertéiert gëtt. Privatleit kënnen op déi jeeweileg öffentlech Servicer oder d'Urgence psychiatrique zréckgräifen, déi fir d'Prise en charge vu Betraffene mat psychologeschen/psychesche Krankheeten do sinn. An esou akute Fäll gëtt de Betraffenen an der Regel och éischer vun enger Ambulanz an d'Spidol transportéiert an net vum GSP betreit.

Lëtzebuerg, de 11/02/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding